



FLEXIBEL. LIEWENSWAERT. NOHALTEG. 10 Punkteplang fir d'Gemengewahlen

Infrastrukturen

- Gemenge sollen e bessert Amenagement vum ëffentleche Raum ustriewen (de Raum sou organiséieren, dass en Treffpunkt fir dat soziaalt Liewen ass, wéi z. B. d'Kreatioun vun engem *Shared Space*).
- Well a ville Familien dacks Mamm a Papp vun de Kanner schaffen, respektiv ee vun den Elteren elengerzéiend ass, solle Gemenge verstärkt eng Roll spille fir Betreuungs- a Schoulstrukturen zur Verfügung ze stellen.
- Fir eng gewësse Chancëgläichheet ze garantéieren, sollte Gemengen och Méiglechkeete bidde fir d'Hausaufgabenhëllef. Fir d'Ëmsetzung vun der Hausaufgabenhëllef misst ee je no Gemeng Léisunge sichen.
- Och alternativ Forme vun Accueilstrukturen (wéi z. B. Dagesmammen) misste gefërdert ginn. An deem Kader kéint een e Qualitéitsigel entwéckelen, dee souwuel Crèche wéi alternativ Forme vun Accueilstrukturen no verschiddene Kritären iwwerpréift.
- D'Offer vum betreite Wunne soll nach weider ausgebaut ginn, fir dass méi Leit kënnen dovu profitéieren. An deem Kader sollt een och Projete probéieren, déi intergenerationellt Wunnen erméiglechen.
- Gemenge sollen och op regionalem Niveau zesummeschaffen, wann et ëm d'Plangen a Gestalte vu Raum an Infrastrukture geet. Op ville Plaze wuessen d'Gemengen ëmmer méi no uneneen an et ass dofir wichteg, dass si zesumme schaffe wann et z. B. ëm d'Plange vun Industriezonen a Wunnraum geet.

Integratioun

- Gemenge sollen hire Bierger an de Leit, déi bei hinnen an der Gemeng schaffen, gratis an ugepasste Lëtzebuergeschcoursen an der Mëttesstonn an owes ubidden. Weider Initiative wéi z. B. e Café des langues fir d'Lëtzebuerges Sprooch ze léieren, solle gefërdert ginn. Am Kader vum parrainage linguistique kéinten d'Gemengen och d'Roll vum Intermediaire iwwerhuelen, dee Leit a Kontakt bréngt, déi gären eng nei Sprooch a sou engem Kader léieren.



- Gemenge sollen nach méi Efforte maache fir all nei Matbierger (Lëtzebuenger an Net-Lëtzebuenger) an de Gemengen ze begréissen an hinnen d'Gemeng méi no ze bréngen a si ze integréieren, zum Beispill mat enger *Welcome Week* fir nei Bierger, dem Ausbau vum Noperschaftsfest, perséinleche Welcome-Gespréicher vun de Gemengeresponsabel.
- Gemenge solle méi gezielt Veräiner ënnerstëtzen, wann et ëm d'Integratioun vun auslännesche Matbierger geet. Genee sou sollen d'Gemengen d'Initiative vun auslännesche Communautéiten ënnerstëtzen a mat hinnen zesummeschaffen.

Mobilitéit

- Gemenge sollen zesummeschaffen och am Kader vun der Mobilitéit. Eng gutt Zesummenaarbecht kéint zum Beispill erméigleche fir Bornë fir elektresch Véloen an Autoen ze harmoniséieren. Gemenge kéinten an dësem Kader och Ruffbusser schafen, déi iwwer Gemengegrenzen eraus ginn.
- Gemenge solle verstärkt zesumme schaffen, fir eng Verbindung vu Vélosweeër tëscht de verschiddene Gemengen ze schafen.
- Gemenge solle verstärkt Parkplazen a P + R bei Garen ausbauen a schafen, fir de Leit ze erméigleche méi einfach op den ëffentlechen Transport ëmzeklappen.

Participatioun

- D'Afféierung vun engem Online-Petitioun-System a Reklamatiounssystem fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn op lokal Problemer opmierksam ze maachen a Verbesserungsvirschléi ze maachen. Reklamatioune kéinten eventuell souguer per SMS oder Email gemaach ginn.
- Gemenge sollen obligatoresch Biergerconsultatiounen, z. B. am Kader vun ëffentleche Versammlunge bei grouse Bauprojeten an der Gemeng, organiséieren.
- Residenzklausel vu 5 Joer fir d'Aschreiwe vun den auslännesche Matbierger fir d'Gemengewahlen op 2 Joer erofsetzen. Den Delai, dee Lëtzebuerg virgesinn hat vun ursprénglech 6 an dono 5 Joer, ass net obligatoresch gewiescht am Kader vun der Direktiv 94/80/CE vum 19. Dezember 2004.



Digitalisatioun

- Gemenge sollen hiren Internetsite op mindestens 2 Sproochen, am beschten op den 3 administrative Sproochen zu Lëtzebuerg ubidden.
- Gemenge solle verstärkt de Bierger ubidden administrativ Demarchen och iwwert hiren Internetsite ze maachen.
- All Dokumenter, déi de Bierger a Persoun bei der Gemeng consultéiere kann, sollen iwwer den Internet einfach accessibel gemaach ginn.
- De Gemengebuet soll och elektronesch opgeschafft ginn an am Format vun enger Newsletter via Mail an iwwer déi sozial Medie verbreet ginn. Gemenge sollen hire Veräiner och Méiglechkeet gi vun dësem Service ze profitéieren.
- Gemenge kéinten Noriichten iwwer aktuell Problemer (Stroosespär, Waasserfuite, Chantieren) iwwer den SMS-Déngscht SMS-2-Citizen un d'Bierger kommunizéieren. Bierger missten sech umelle fir sou SMSen ze empfänken.

Ëmweltschutz

- Gemenge sollen eng Virbildroll spille wat e verantwortlechen Ëmgang mat de Ressourcen ubelaangt. An dësem Kader sollen d'Prinzipie vun der Economie circulaire verstärkt och op lokalem Niveau ëmgesat ginn.
- Gemenge solle probéieren d'Haushälter nach weider dozou ze beweegen ze recycléieren a se opzeglären iwwer en effikasse Recycling. Gemenge kéinten och virgesinn, dass Appartementshaiser obligatoresch Mülltrennung musse maachen an z. B. Pabeiersammlung a Biotonne virgesinn.
- Gemenge sollen op ongenotzten Terraine Gemengebongerten a Geméisgäert uleeën. (Schreebergäert wou gemeinschaftlech kann ugeplanzt ginn an esou och de kommende Generatiounen de Respekt virun de Liewensmëttel matgi gött) an sou och lokal Produkter ënnerstëtzt ginn.
- Gemenge solle verstärkt Méiglechkeeten notze fir Grénges unzeplanzen. (z. B. Dachbegrünung)
- Nei an al ëffentlech Gebaier sollen no de modernsten Technologien am Beräich vum Ëmweltschutz ugepasst ginn an sou z. B. mat enger Photovoltaik- oder Solaranlage um Dag equipéiert ginn.



Fräizäit a Liewen an der Gemeng

- Gemenge sollen den Nuetstransport nach ausbauen, fir Jonk an AI ze erméiglechen owes och ouni Auto ouni Problemer d'Nuetsliewen ze genéissen.
- Gemenge solle verstärkt Aktivitéiten an der Natur ubidden, fir de Kanner ze erméiglechen Natur ze entdecken. Sou ginn et a verschiddene Gemengen z. B. Bëschcrèchen.
- Gemenge solle weider kulturell Aktivitéite fërderen zum Beispill duerch d'Ënnerstëtze vu Sport- a Kulturveräiner, d'Ënnerhalen an d'Ausbaue vu Kulturzentren an der Schafung vu Méiglechkeete fir Veräiner hiert Material ze stockéieren.
- Gemenge solle Méiglechkeete fërdere fir Fräizäitsport ze maachen. Esou kann ee Vëlosweeër ausbauen a Fitnessparcourse mat ganz einfachen Übungen an der Natur schafen.
- Gemenge sollen hir Ëffnungszäite méi flexibel gestalten an och reegelméisseg Samschdegmoies op sinn, fir de Leit ze erlabe verschidden Demarchen och weekends ze maachen.
- Gemenge sollen de lokalen a regionalen Tourismus fërderen oder sech a regionale Syndikater zesummeschléissen.

Jugendpolitik

- An all Gemeng soll e Kanner- a Jugendgemengerot agefouert ginn.
- Obligatoresch "*Assises de la Jeunesse*" sollen an engem 2-Joer-Rhythmus an de Gemengen ofgehale ginn.
- Gemengen, déi iwwer 10.000 Awunner hunn, sollen obligatoresch e Jugendkommunalplang ausschaffen.



Gemengemandater

- De Cumul vun de Mandater tëschent dem lokalen an dem nationalen Niveau soll limitéiert ginn. Dës Limitatioun missten op Basis vun de Mandater, déi cumuléiert ginn (z. B. Exekutiv an der Gemeng an Deputéiertemandat), an der Gréisst vun der Gemeng festgeluecht ginn. D'CSJ ass awer och der Meenung, dass déi lokal Interesse weiderhin um nationalen Niveau gehéiert solle ginn an déi lokal Mandatairen z. B. an enger Chambre des élus locaux vertrauede solle sinn. Gläichzäitig soll de congé politique ugepasst ginn.
- Och no de Wahlen 2017 soll eng obligatoresch Formatioun, mam Staat zesummen, organiséiert ginn, fir nei Gemengeconseillere no der Wahl iwwer d'Prozedure vum Gemengerot, relevant Gesetzer, souwéi de Rappel vun der Wichtigkeet vun hirer gewëssenhafter Aarbecht als politesch Aktiouns- a Kontrollorgan am Interessi vun de Bierger.

Wunnen

- Nopeschgemenge solle verstärkt zesumme schaffen am Wunnengsbau. Genau esou sollen d'Gemenge respektiv Gemengesyndikater verstärkt Méiglechkeeten notzen, déi am Kader vun der „gestion locative sociale“ virgesinn sinn. D'CSJ kéint sech och virstellen dës Iddi auszubauen an d'Méiglechkeet ze testen, fir allgemeng steierlech Ureizer oder aner administrativ Ënnerstëtze fir Investisseuren ze schafen (z. Bsp. onofhängeg vu soziale Critèren), déi prett sinn en méi niddregen an adaptéierte Loyer ze froen oder z. B. sech ze engagéieren op puer Joer de Loyer net an d'Luucht ze setzen.
- Allgemeng sollten d'Gemengen Efforte maachen, fir Lokatiounswunnengen zur Verfügung ze stellen, fir Leit, déi net d'Critèrë vun enger Sozialwunneng erfëllen, mee déi sech et awer net leeschte kënnen eppes ze kafen oder zu de Marchéskonditiounen ze lounen. Bei Wunnengen déi Gemeng fir Lokatioun zu Verfügung stellt kéint een d'Méiglechkeet testen eng Option d'achat virzegesinn, déi no enger Rei Joren ageléist ka ginn an dem bezuelte Loyer Rechnung dréit.
- Am Fall wou d'Gemeng eng méi aktiv Roll am Baue vun Immobilien iwwerhëlt an z. B. Wunnengen op Terrainen baut, déi hir gehéiere fir ze verkafen, kéint si dës ausschliisslech u Leit verkafen, déi sech eng Éischtwunneng zouleeën. Et kéint een d'Méiglechkeet testen fir och um nationalen Niveau am Kader vun engem gréissere PAP obligatoresch een Deel fir Éischtwunnengen ze reservéieren. (sou wéi et z. B. virgesinn ass, dass 10% vun engem grouse Projet « logements à coût modéré » musse sinn).
- Alternativ Wunnformen ënnerstëtze wéi z. B. Wunngemeinschaften förderen oder de bail emphytéotique als Gemeng ubidden op Terrainen, déi der Gemeng gehéieren a si bebaut huet.